

14 Joer an de Comité économique et social vun der Europäescher Gemeinschaft bruecht hat.

De Fons Hildgen war bei ville wicthegen Debatten hei am Haus dobäi an huet ëmmer erëm bewisen, datt de Rot vun engem sozial denkende Mënsch vill zur Verbesserung vun der Gesellschaft ka bäidroen.

Senger Famill, a besonnesch sengem Neveu Ben Fayot, gëllt eist opriichtegt Bäileed, verbonne mat der Gewëssheet, datt mir de Fons Hildgen a beschter Erënnung behale wäerten.

Loosse mer kuerz am Stëllen un hien denken.

(Minute de silence en hommage à la mémoire de M. Alphonse Hildgen)

Ech soen Iech merci.

Als nächst Riednerin ass d'Mme Lydia Mutsch agedroen. D'Mme Mutsch huet d'Wuert.

9. Projet de loi 4685 relatif à la construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg (Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Dir Dammen an Dir Hären, et ass haut innerhalb vun annerhalwem Joer déi zweet Kéier, datt mir eng Concertshal hei an der Chamber zur Ofstëmmung bréngen.

Den 2. Juni 1999 - et ass schonn drop higewise ginn - hu 54 Deputéiert heibannen e Vote unanime geholl fir d'„loi relative à l'aménagement d'une salle de concert pour jeunes sur la friche industrielle de Belval-Ouest à Esch-sur-Alzette“. Haut schwätze mir iwwert d'„construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg“.

Et soll een elo net par force e Parallelismus tëschent deenen zwee Projeten hierstellen, zumools wann e ganz schwéier opzestellen ass, net nëmme well an der Dénominatioun vun deem éischte Projet den Zousaz „pour jeunes“ ze fannen ass an deem aneren net. Et muss een also dovun ausgoen, datt den zweete Projet e Projet fir jiddereen ass, net just ee fir déi Jonk. Och net nëmme well deem éischte Projet um Site Belval soll opgeriicht ginn an deem zweeten um Kierchbierg.

Mä scho guer net, wann een d'Artikelen 2, wou et ëm déi budgétaire Dimensioun vun deenen zwee Projete geet, vun e bësse méi no kuckt. Well do steet bei deem Projet, dee mir haut ze analyséieren hunn, dran: „Les dépenses occasionnées par la présente loi ne peuvent dépasser la somme de 3 milliards 150 millions.“

Virun annerhalwen Joer, beim Projet iwwert d'Rockhal, gong et ëm „la somme de 273 millions“, also ronn 1/12 vun deem Präis, vun deem mir haut schwätzen.

Entweder ass deen een Devis hoffnungslos niddreg oder deen anere grëssenwahnsinneg héich. Ech kommen awer nach eng Kéier dorop zrëck.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Kultur kann a soll éischstens Besoinen erfëllen, zweetens Zeeche setzen an drëttens probéieren, en Équilibre ze fannen an d'Regele vun der Verhältnismëssegkeet respektéieren, souwuel wat d'Investitiounen ubelaangt, wéi och wat d'Regiounen ubelaangt.

Éischstens zu de Besoinen. Wéi d'Mme Kulturminister 1998 méi intensiv am Public iwwert déi klasesch Concertshal geschwat an och den Tour bei d'Parteien, d'Fraktiounen an d'Gewerkschafte gemaach huet, huet si virun allem op déi schlecht raimlech Bedingunge vun eise nationalen Orchester higewisen. Näischt fir ongutt, mä muss d'Verbesserung vun deene Bedingunge iwwer dräi Milliarden kaschten?

Et ass doropshi gesot ginn, dass sech déi Investitioun och géif rechtfertige mat engem Plan d'occupation, deen awer nach ënner Bewäis muss gestallt ginn. Ee vu mengem Virriedner huet schonn dorop higewisen, dass versicht ginn ass, all Virwërf, déi kéinten a Richtung vun enger elitärer Musikhal goen, ze widderleeën. Sou gouf ënner anerem gesot, et wier eng Hal, déi net nëmme moduléiert kéint ginn, mä wou och all Musikkrichtungen géifen zum Zuch kommen, net nëmme klasesch Musikkrichtungen, mä och de ganze Beräich „Musique du monde“ oder Chansonen.

Et ass awer wéi e roud Fuedem duerch all Argumentatioun an duerch all Diskussioun gaangen, dass et och e Prestigeobjekt ass, ëm deen et hei geet. Et ass gesot ginn: Kuckt emol den Arsenal zu Metz, kuckt emol an anere Stied am Ausland. Mir hunn dat net zu Lëtzebuerg. Mir müssen esou eng klasesch Concertshal kréien. Mir müssen e renomméierten Architekt hunn, dee säin Numm herno kann ënnert deen dote Projet setzen. Mir müssen eis vis-à-vis vun enger internationaler Kulturszene kënnen behapten.

Mme Erny Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Wie war du Bauminister?

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Den Här Goebbels, Mme Kulturminister. Et war iwwerengs och datselwecht Argument, dat gebraucht ginn ass am Zesummenhank mam Pei-Musée. D'Resultat ass, dass mer elo praktesch dräi Megaprojete gläichzäiteg realiséieren:

- de Sport- a Kulturzentrum um Kierchbierg: ronn 3 Milliarden;
- de Pei-Musée: ronn 3 Milliarden;
- d'klasesch Concertshal: iwwer 3 Milliarden.

Alles Projeten um Kierchbierg.

Et wäert dach awer nach erlaabt sinn, bei deenen dote Präisdevien eng Kéier e bëssen ze schlécken. Et wäert dach awer och an engem räiche Land erlaabt

sinn ze froen, wéi et an deem Kontext mam Entretien a mat de Folgekäschten ass, ob d'Besoine richteg definiert sinn.

D'Besoine vun der Rockhal stoungen deemools während iwwer zwee Joer zur Diskussioun.

(Interruptions diverses)

Während zwee Joer ware Visites des lieux, Expäresprécher mat Jugendgruppen, mat Organisateur vu Concerten, Évaluatiounen, onzähleg Réuniounen vun der Jugendkommissioun, vun der Bautekommissioun. Et ass gesot ginn, et misst eng Hal si fir Rockmusik a méi, Musique du monde, Chansons, Pop, Variété. Et ass gesot ginn, dass missten Ateliere fir Musikgruppe virgesi ginn. Et ass gesot ginn, dass endlech eis national Gruppe sollen eng Heemecht fannen.

Vläicht muss ee soen, dass d'Lobby vun der Jugend net staark genuch ass, well dee Projet war der deemoleger Regierung nëmmen eppes Klenges méi wéi 200 Milliounen wäert.

D'Kulturpolitik soll Zeeche setzen. Jo, et war schonn eng couragéiert Décisioun deemools, fir wëllen eng Rockhal op de Frichen ze installéieren, an engem ehemolegen Industriegebai, fir ze valoriséieren an enger Regioun ze hëllefen, en neien Opschwonk ze fannen.

A wéi gesäit et haut aus? Bis op weideres musse mir dovun ausgoen, dass dat, wat an der Regierungserklärung gesot ginn ass, nach gëllt, nämlech: „Le Gouvernement élaborera un concept d'ensemble pour la mise en valeur des hauts fourneaux à Esch/Belval en tenant compte du projet déjà voté d'un espace musique jeune à l'intérieur de la halle des soufflantes“.

D'Kulturministesch léisst eis awer weider am Onkloeren. Vläicht muss si e bësse vun deem Enthusiasmus mat op de Wee kréien, deem de Landesplanungsminister an der Tëschenzäit entwéckelt huet, fir souwuel déi urbanistesche wéi och déi wirtschaftlech a kulturell Planung vum Süden an de Grapp ze huelen.

Enthusiasmus war op alle Fall deemools do, wéi et ëm de Projet de loi vun der Rockhal am Juni 1999 hei an der Chamber gaangen ass, an zwar an alle politesche Reien. Zum Beispill vu Säite vum CSV-Spriecher vu Péiteng, dee gesot huet: „Dës Hal ass e wichtege Maillon am nächste Jortausend am kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg. Niewent dem Musée d'Art contemporain, niewent dem Sportkomplex Kierchbierg huet dëse Projet eng complémentaire Bedeitung, wat d'Konscht, d'Kultur an d'Musik zu Lëtzebuerg ugeet. Fir Lëtzebuerg als Pôle d'attraction an engem Saar-Lor-Lux-Raum, an engem Europa vun de Regiounen, ass dëse Projet eng Selbstverständlechkeet“.

M. le Président.- Mme Mutsch, den Här Strotz wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Mme Mutsch, wann Der erlaabt. Mir hunn dee Projet jo hei diskutéiert, a mir waren och als Majoritéitspartei dofir, mä mir haten awer schonn deemools an der Kommissioun Bedenken, an déi Bedenke sinn haut nach net aus der Welt, well de Stat ass net Propriétaire vun där Hal. Deemools war de Problem net geléist, an en ass haut nach net geléist.

(Interruptions diverses)

De Minister vum Intérieur ass gelueft ginn, dass en endlech Neel mat Käpp bei de Friches industrielles mécht. Dann hätte mer déi scho viru Jore sollen ufänken, do ze maachen, an dann hätte mer solle kucken, dass mer Propriétaire vum Terrain gi wieren, an da wiere mer wahrscheinlech scho vill weider. Fir hei ze lamentéieren iwwer eng Saach, wou all Mënsch en cause gestallt gëtt, an de Fong, deen...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Entweder sidd Der dofir oder dergéint. Wat soll de Rescht? Ech kann Iech 10 Projeten opzielen, wou mer net Propriétaire vum Terrain sinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Nicolas Strotz (CSV).- Wat soll dat Gelamentéiers hei? Ech fannen et engem Escher Buergermeeschter net würdeg, wann en hei fir dat eent a géint dat anert schwätzt, wou mer béid Saache brauchen.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Hat Der dann och eng Fro ze stellen, Här Strotz? Ech hu se net héieren.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Et geet ëm d'Propriétéit vum Terrain, ob dat dann elo geregelt ass oder net.

M. le Président.- Mme Mutsch, loosst Iech net provozéieren. Schwätzt weider!

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Et ass en ideale Moment, fir déi dote Fro ze léisen, Här President.

Fir Lëtzebuerg, gouf gesot vun CSV-Säit, als Pôle d'attraction an engem Saar-Lor-Lux-Raum, an engem Europa vun de Regiounen, ass de Projet vun enger Musikhal fir déi Jonk eng Selbstverständlechkeet. Do kann een nëmme soen: Esou selbstverständlech schéngt en och alt net ze sinn, well soss géif en haut net am Tirang leien.

Den DP-Spriecher an heitege Statssekretär huet deemools an der Chamber gesot: „Mëttlerweil sinn och all meng Kolleegen a Kolleginnen an der Partei der Meenung, dass kulturell Infrastrukture solle méi dezentral ugeluegt ginn, dass net méi alles an d'Stad oder an den Zentrum soll kommen“.

Vun Dezentraliséierung a Saache Kulturpolitik ass haut net méi extra vill ze mierken. De Kierchbierg blëtt a blénkt vu lauter grandiose Kulturprojeten.

Zënter 1½ Joer gi mer verträischt a Saache Rockhal, mat Hiweiser op ominéis Groupes de travail, interministeriell Gremien, Zousazstudien oder Propriétéitsfroen, déi anscheinend net geléist sinn, Här Strotz.

Déi lescht Ausso war déi, dass de Projet misst total iwwerschafft ginn, well e wier net koherent an net duerchféierbar.

Dir Dammen an Dir Hären, net de Projet ass schlecht, mä de Finanzkader ass absolut onrealistes. An do musse mir eis och als Chamber selwer bei der Nues huelen, fir wierklech gemengt ze hunn, mat 273 Milliounen kéinte mir eng Concertshal fir déi Jonk realiséieren. Dobäi géif dat knapps duergoen, fir seriö Etüden oder fir e Concours d'architecte ze maachen. Et kéint ee bal mengen, mir hätten deemools geduecht, fir d'Jugend a fir de Minett géifen eppes méi wéi 200 Milliounen déck duergoen.

An do sinn ech bei mengem leschte Punkt, nämlech deem vun der Verhältnisméissegkeet. 273 Milliounen am Verglach mat de Frais d'études fir de Pei-Musée, déi eleng iwwer 335 Milliounen kascht hunn: Fir esou eng Zomm musse vill regional Kulturzentren a lokal Kulturschaffend laang heesche goen an d'Stad.

Fir d'Rockhal knapps 1,4 Milliounen Frais d'études. Un e chineseschen Akustikexpär ass dobäi natierlech net ze denken.

Et stelle sech fir eis als LSAP dräi essentiell Froen.

(Interruptions diverses)

1. Gesäit d'Regierung niewent der Constructioun vun enger classescher Concertshal, iwwert déi mir haut ofzestëmmen hunn, d'Erriichte vun enger Musikhal fir déi Jonk weiderhi vir?

2. Wa jo, bleift d'Konzept vun der Implantatioun vun der Rockhal an engem bestoenden Industriegebai op der Friche Belval, esou wéi et de Vote vum Gesetz vum 2. Juni 1999 virgesinn huet, weiderhi verbind-lech?

3. Ass d'Regierung bereet, dofir ze suergen, dass d'Aarbechte fir d'Erriichte vun enger classescher Concertshal kënne parallel zu den Aarbechten zum Erriichte vun enger Rockhal fir déi Jonk am Süde vum Land geschéien?

Déi dräi Froen, mat deene Remarken, déi virdu gemaach gi sinn, hu mir verschafft an enger Motioun, Här President, déi ech heimat déposéieren. Si ass ënnerzeechent vun den Häre Lux, Di Bartolomeo, Bodry, Zanussi, Garcia a mir selwer.

Et ass vun der Positioun zu där Motioun a vun den Äntwerte vun der Regierung, wou mir eise Vote zu deem Projet vun haut wäerten ofhängeg maachen.

Ech soen Iech merci.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *rappelant qu'en date du 6 mai 1999 la Chambre des Députés s'est exprimée dans un vote unanime en faveur du projet de loi 4545 relatif à l'aménagement d'une salle de concert pour jeunes sur la friche industrielle de Belval-Ouest à Esch-sur-Alzette,*

- *insistant sur une politique de régionalisation et de décentralisation en matière d'infrastructures culturelles,*

- *considérant que la loi du 2 juin 1999 relative à ladite salle de concert n'a pas été exécutée jusqu'ici,*

- *constatant que le Gouvernement semble avoir modifié ses vues sur la conception de ladite salle de concert,*

- *persuadée de la nécessité de mettre à la disposition des amateurs de la musique populaire les lieux adéquats pour l'organisation de concerts de grande envergure,*

- *considérant que la salle de concert du Kirchberg poursuit un but complètement différent et ne se prêterait guère à l'organisation de concerts de musique populaire du type « Rock »,*

invite le Gouvernement

- *à veiller à ce que la mise à disposition du public d'une salle de concert pour jeunes sur le site d'Esch/Belval s'achève parallèlement à celle de la salle de concert au Kirchberg.*

(s.) Lydia Mutsch, Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Robert Garcia, Lucien Lux.

M. le Président.- Leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech de Wieder vum Här Fayot un. Den Här Fayot huet e Plaidoyer gehale fir d'Noutwendegkeet, eng anstänneg Infrastruktur fir Concerten hei op Lëtzebuerg ze kréien, e grouse Concertssall. En huet op déi verschidde Problemer higewisen, déi sech bei deem Projet stellen.

Här President, ech hat virun e puer Joer dee ganz zweifelhafte Plëséier, fir e Rapport ze maachen iwwert de Bau vum Pei-Musée. Du si Spriecher vun der Oppositioun komm - an dat waren net déi mannst -, déi hunn e Plaidoyer gehale géint dee Pei-Musée.

Dat waren d'Mme Brasseur an d'Mme Polfer. D'Mme Brasseur huet iwwert de Site geschwat, d'Mme Polfer huet iwwert de Site geschwat. Si hu Plaidoyere gehale fir d'Stad Lëtzebuerg. Si hu Plaidoyere gehale géint déi Konzentratioun um Kierchbiereg, a si hate komplett aner Vuen iwwer kulturell Infrastrukturen an der Stad a ronderëm d'Stad, wéi mer elo amgaange sinn, se ze realiséieren. Dat ware

Plaidoyer, déi e gewëssenen Niveau haten. Déi ware gutt gemaach. An Dir erënnert Iech, dass deemools souguer iwwer e Referendum geschwat ginn ass, d'ganz Lëtzebuerger Vollek sollt sech iwwert déi elitär Constructioun vu Muséeën um Kierchbiërg ausschwätzen. Esou wäit ass d'Demagogie deemools gaangen.

Haut kënnt den Här Schummer heihinner, e schwätzt fir d'éischt iwwert d'Net-Présenz an de Kommissiounen, an da seet en, datt de Concertsall e gudde Projet ass, an da geet e sech setzen. An d'Kolleege vun der DP setzen do a soe guer näischt.

Dat muss een emol eng Kéier soen, an doraus kann ee scho munch Konklusioun zéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt e puer Wuert soen iwwert d'Dezentraliséierung vun der Kulturzeen hei zu Lëtzebuerg. De Kierchbiërg stellt fir mech och eng dezentral Plaz duer, mat där een d'accord ass oder net als Stater Buergermeeschter oder als Politiker, deen an der Stad säi Wierkungsgebiet huet.

D'Tatsaach ass, dass am Laf vun deene leschte Jore vill Effort gemaach gi sinn, fir Lëtzebuerg ze dotéieren mat engem ganze Krees vun Infrastrukturen, vu Centres culturels, déi iwwert d'ganz Lëtzebuerger Land sollte gestreet sinn, fir dass d'kulturell Besoinen och an der Provënz kéinten erfëllt ginn.

Denkt un Infrastrukturen, déi deelweis nationale Charakter hunn. Denkt un de CNA z. B., denkt un d'Servais-Haus zu Miersch, denkt un de sougenannten Eisebuntermusée, denkt un de Centre Edouard Juncker zu Ettelbréck, denkt un de Centre culturel zu Gréiwemaacher, an et gëtt nach eng ganz Rëtsch vun esou Strukturen, wéi zum Beispill de Musikmusée.

Domat hunn d'Regierung an de Lëtzebuerger Stat gewisen, dass net alles an der Stad konzentriert soll ginn.

An der Tëschenzäit sinn e puer vun deenen Instituter opgaangen. Och Centres culturels hunn hir Dieren opgemaach a versiche sech ze behaapten an der Lëtzebuerger Kulturzeen.

Fir dass e Centre sech behaapte kann, muss hien eng Animatioun bidden. Et kann een net e Centre régional oder en Institut féieren, andeem een hie just attraktiv mécht fir eng Duerfbevölkerung oder fir d'Bevölkerung vun e puer Dierfer. Dat geet net. Lëtzebuerg ass ze kleng dofir. Alleguer déi Instituter hunn op d'mannst eng regional, wann net eng national Vocioun.

Wann de Stat also bäileet bei deenen Infrastrukturen, dann investéiert en domat och an d'national Kultur.

Or, wat ass geschitt am Laf vun deene leschte Joren? E puer Riedner hu gesot, dass d'Käschten explodéiert sinn. Déi Devien, déi 1995 gestëmmt gi

sinn, sinn absolut net méi valabel. All déi Gebaier, déi ewell an der Constructioun sinn, sprengen déi Devien, déi deemools gestëmmt gi sinn, an d'Soumissiounen sinn och net méi valabel. Dat ass e Fait. Mir ginn an d'Luucht, ëm 20 % an engem Joer.

Et kënnt derbäi, dass, wéi mer an der Euphorie virun e puer Joer déi verschidde Gesetzer gemaach hunn, mer iwwerhaupt net iwwert d'Frais de gestion geschwat hunn. Mir hunn emol net richteg iwwer Gestionsmodeller geschwat. Déi Modeller hätte missen ausgeschafft ginn an Zesummenaarbecht mam Ministère de la Culture, an engem ganz breede Konsens tëschent de Gemengeverantwortlechen an all deenen Instanzen, déi Kulturträger zu Lëtzebuerg sinn. An dat ass net nëmmen de Stat, dat sinn net nëmmen d'Gemengen. Dat ass awer net geschitt.

Haut sti verschidde vun deenen Zentren a verschidde vun deenen Instituter, op déi mir grouss Stécker halen, virun der Tatsaach, dass se d'Enner net méi zesumme kréien, wa se wëllen eng Animation de qualité bidden. Ech mengen, d'Mme Minister ass Zeien, dass dat esou ass.

Mir sinn der Meenung - a mir hunn dat och an enger Motioun duergestallt -, dass de Stat soll seng Participatioun un de Frais de construction revidéieren an vu vun de Coûts réels vun deene Constructiounen.

Weider gëtt et an all deene Gebaier, egal wou se sinn, ëmmer Organisationsméiglechkeeten, fir Manifestatiounen vun engem nationale Charakter ze maachen.

Da froe mer, dass de Stat och soll e Schlëssel festleeën, fir d'Frais de gestion an deenen eenzelnen Zentren an an deenen Instituter ze bestreiden, e Schlëssel, op deen ee sech verlosse kann. Dat heescht, et kann een net mat Plafongen operéieren. Mir hunn an de Gesetzer, wéi et ëm d'Constructioun gaangen ass, mat Plafongen operéiert. Mir sinn ewell schonn amgaangen, och iwwert d'Plafongen ze diskutéieren. Mir sollte kucken, fir Tauxe festzeleeën, souwuel wat d'Participatioun um Bau ugeet, wéi och wat d'Gestioun ugeet.

Motion 2

La Chambre des Députés

- *considérant que le Gouvernement encourage depuis un certain nombre d'années par le biais d'un subventionnement substantiel la construction de centres culturels régionaux;*

- *notant qu'entre-temps plusieurs centres culturels régionaux ont ouvert leurs portes respectivement sont en voie de construction ou de planification;*

- *insistant sur le fait qu'il ne suffit pas de construire ces infrastructures mais qu'il importe de les valoriser par une animation de qualité;*

- *considérant que les coûts de construction et de gérance ont été soumis à d'importantes hausses au cours des dernières années;*

- *notant que le Gouvernement est disposé à investir des sommes considérables dans la gestion et le fonctionnement de nouvelles infrastructures culturelles nationales;*

- *insistant sur la nécessité d'une décentralisation et régionalisation dans le domaine culturel et partant d'un encouragement de ces activités par l'Etat;*

invite le Gouvernement

- *à revoir la participation de l'Etat aux frais de construction des différents centres au vu du coût réel des réalisations;*

- *à déterminer dans ces projets les investissements à caractère national;*

- *à participer selon la même clé aux frais de gestion desdits centres;*

- *à instaurer un système de coordination entre les instituts et centres culturels à vocation nationale et régionale afin d'arriver à une complémentarité dans l'offre culturelle.*

(s.) Jos Scheuer, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch.

Mme Minister, ech si frou fir Iech, wierklech, dass dee Concertssall elo gebaut gött. Dat ass doudsécher eppes, op dat Der grouss Stécker gehalen hutt, an Dir hat Recht. Mä wa mer elo nach eng Infrastruktur kréien, da kréie mer eng Konkurrenz - Konkurrenz beliebt d'Liewen -, déi mat deem klengen Zuschauerpotenzial, wat mer zu Lëtzebuerg hunn a ronderëm eis Grenzen, awer verschidde Projekte kéint doudmaachen. Dofir géif ech Iech wierklech un d'Häerz leeën, fir eng Koordinatioun tëschent den eenzelnen Träger an Organisateuren an d'Weeër ze leeden, fir dass mer op deem Wee vun der Koordinatioun da kulturellt Liewen an all deenen Zentren an Instituter zu Lëtzebuerg kënnen garantéieren.

Ech war haut de Mueren och net an där Kommissioun, zu där ech virgëschter d'Invitatioun kritt hunn. Ech hat d'Wiel, fir an eng Houmass ze goen hei an der Stad, déi gehale gouf fir d'Majoritéitsdeputéierten, oder fir mech ze befaasse mat engem kulturelle Projet, deem am Laf vun e puer Joer gewuess ass vu 540 Milliounen op 850 Milliounen an elo op 1 Milliard, an zwar de Centre culturel vun Iechternach, deem an d'Weeër geleet ginn ass vun eminenten DP-Politiker, an ech wäert do meng Responsabilitéit droen. Ech bieden Iech, meng Absenz ze entschëllegen, Här Schummer, ech hunn am Intérêt vum Kulturgutt vu Lëtzebuerg a vun Iechternach geschafft.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Bautemnistesch.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, esou Debatten hunn och ëmmer en emotionale Charakter, an ech muss soen, den Här Scheuer huet mech e bësse versöhnt mat der Chamber, wann e seet, en hätt d'Gefill, dass ech mech hei ganz vill investéiert hätt, dass et e Projet wär, dee mir ganz vill um Häerz géif leien. Hien huet ganz bestëmmt, als Buergermeeschter vun enger Festivalsstad, déi extra Sensibilitéit vun deem, wat Musik ka bewierken.

Ech soen awer allen Diskussiounsriedner merci, an ech wëllt fir d'éischt dat lass ginn, wat d'Prozedur ugeet, well et ass mer héchst penibel, fir hei esou vill Virwërf gemaach ze kréie fir d'Prozedur, wou ech dach gemengt hunn, ech géif se respektéieren. Ech muss soen, do hunn ech natierlech ugeholl, dass dat, wat den Här Garcia géif schreiwen an ënnerschreiwen, och esou wier.

An där Motioun steet nämlech „invite le Gouvernement à soumettre dans la mesure du possible sans déphasage trop important les deux projets de loi relatifs à la construction respectif à la gestion d'infrastructures culturelles, sportives, scolaires et autres nécessitant une gestion autonome.“

Et hätt also näischt d'Regierung, laut dëser Motioun, obligéiert, iwwer e Projet ze diskutéieren an enger Kommissioun. Dat steet net hei an der Motioun. An der Motioun steet just, dass de Projet soll déposéiert ginn. Also, wann ech glift: Wann Dir gärén hätt, dass e sollt fäerdeg diskutéiert ginn, da sot dat, an da maache mir dat. An dann hu mir en Timing, deem anescht ausgesäit.

Ech soen Iech dofir och, dass et esou op eemol ass, dass d'Regierung nëmmen nach Blocagé kritt. Wa mir dëse Projet gestëmmt kréien, da soen ech Iech emol am Konkreten, wat dat heescht. Da ka mat der Ausarbeitung vun den Detailplangen ugefaange ginn, da kann d'Prozedur an d'Weeër geleet ginn. Wann dat eréischt dee Moment geschitt, wou dee Projet Etablissement public gestëmmt ass, dann hu mer dräi, véier Méint verluer. Déi si fort. Déi kréie mir ni méi rattrapéiert, an domat ginn d'Délaien an d'Bauzäite vun der Regierung ëmmer nach méi laang.

Mä wann dat esou ass, an et weess een dat, da kann ee sech jo drop ariichten. Ech hat dee Projet Etablissement public laang fäerdeg. Mir hate just d'Finanzberechnungen nach net vun der Finanzinspektioun aviséiert kritt. Dat war d'Ursach, firwat dass de Projet net esou séier an der Chamber ukomm ass, mä et war nimools d'Intentioun vun der Regierung, fir dee Projet virdrun ze diskutéieren. Ech si bereet, mech alle Prozeduren ze pléieren, awer si mussen dann och kloer sinn.

Et ass fir d’Kulturzeen ganz sécher e wichtege Dag haut, an, Här President, mam Vote steet dann och der Realisatioun vun der Salle de concert Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte näischt méi am Wee. Ech soen dem Rapporteur Willy Bourg häerzlech merci fir déi rapid Aarbecht, well hien huet eis et erméiglecht, fir elo nach virun de Feierdeeg kënnen an déi definitiv Phas ze goen. Ech soen awer och der Bautekommissioun merci, där hire President Néckel Strotz nach zesumme mat der Presidentin vun der Kulturkommissioun, der Mme Stein, haut de Mueren déi Sitzung ageruff huet. Mir hate wierklech gemengt, dat géif all deene Berouegung ginn, déi nach Douten hätten, wat d’Gestioun géif ugoen.

Et war de Statsminister Juncker, deen a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun de 4. Mee 1995 de Bau vun engem Concertssall vu 1.500 Plazen annonciert huet. An ech zitieren hien: „Ech mengen, mir wieren de kommende Generatiounen et schëlleg, eist Land op déi kulturell Europakaart ze bréngen. Mir kënnen eis de Rang net vu Saarbrécken, Tréier oder Metz oflafe loossen. 1995 war Lëtzebuerg europäesch Kulturhauptstad, an zanterhier huet d’Kultur sech an eisem Land esou entwéckelt, dass d’Infrastrukturen och musse mat der Entwécklung Schrëtt halen.“

Mäi Virgänger am Bauteministère, de Robert Goebels, hat décidéiert, dass sollt en Architekconcours ausgeschriwwen ginn. Dat war eng richteg Décisioun, an déi ass och vum Ordre des Architectes begréisst ginn.

Den 11. November 1996 loung d’Reglement vum Concours vir. De 7. Mäerz 1997 war de Concours, deen e grouse Succès hat, ofgeschloss. De President vun der Jury vum Concours war keen anere wéi de Gérard Mortier, den Direkter vum Salzburger Festival. Hien hat och keng liicht Charge, fir ënner 15 Projekte vun international bekannten Architekten déi sechs erauszewielen, déi e Präis kruten. An ech sinn houfreg, dass ënnert de Präisträger och Lëtzebuerger Büroe waren. Den éischte Präis krut an deem Concours, dee jo anonym gelaf ass, de Christian de Portzamparc, deen och den Architekt vun der Cité de la musique zu Paräis ass. Den Här Strotz huet seng aner Bauten opgezielt.

Eng Ausstellung vun de Projeten hat deemools e groussen Interesse beim Lëtzebuerger Public fonnt, an et ass ervirzehiewen, dass mer gesinn, dass déi Lëtzebuerger Architekturbüroe duerchaus déi international Konkurrenz aushalen.

D’Realisatioun vum Projet huet des Regierung an hirem Programm festgehalten, an et gouf gläich bei de Koalitiounsofkommen och d’Prézisioun, dass et sollt dee Projet, deen aus dem Concours als éischten ervirgaangen ass, sinn, dee realiséiert sollt ginn, op där Plaz, wou dat virgesi war, dat heescht um Kierchbiereg.

Mir haten also keng Diskussioun ëm de Site, wéi dat beim Projet vum Musée Grand-Duc Jean de Fall war.

Par rapport zum Programm vum Concours ass derbäi komm, dass nach eng Uergel an de grouse Sall kënnt, an e Sall fir elektroakustesche Musik. Dat erkläert och déi Differenz an deem Devis, wou de Concours bei 2,6 Milliarde loung an den definitive Projet bei 3,1 Milliarden.

Et sollt domat der Entwécklung Rechnung gedroeginn, well an deem Secteur vun der elektroakustescher Musik sech an eisem Land och Expertisen amgaange sinn opzebauen.

De Bau vun deem Sall ass awer virun allem fir eisen Orchestre philharmonique immens wichteg, an ech soen all deene merci, déi och e gutt Wuert am Laf vun dëser Debatt fir déi Musiker haten. Si setzen do uewen a lauschten no, wéi dann hir Aarbecht bewäert gëtt vun de politesche Kräften aus deem Land. Mir wëssen alleguer, dass fir dëse Moment hir Aarbechtskonditiounen net optimal sinn. D’Perspektive vum Orchester si ganz aner, wa se och a gudde Konditiounen kënne schaffen a méi e grouse Public kënnen ophuelen.

Et sollt ee sech och méi a méi ugewinnen, dësen Orchester als eisen Orchester ze betruechten, als den Orchester vun alle Lëtzebuerger. All d’Lëtzebuerger bezuele jo och. Si sinn och bereet, fir all Lëtzebuerger spillen ze goen. Si hunn an de leschte Woche grad Tournéeën duerch d’Land gemaach, wou se zu Klierf gespillt hunn, a Säll, déi keng Concertssäll sinn, an den Uklang, dee se do beim Public fonnt hunn, war deeselwechte wéi op anere Plazen. All Kéiers, wa mer bei d’Leit ginn, mierke mir: Elo huet den Orchester richteg de Leit gewisen, dass et den Orchester vun alle Lëtzebuerger ass.

Dat ass wichteg fir d’Entwécklung vun der Kultur. Dat ass awer och wichteg fir d’Entwécklung vum Public. De Sall gëtt dem Orchestre philharmonique seng Adress. Dat heescht awer net, dass en exklusiv fir den OPL do wier. D’Ausaarbechtung vum Projet ass ganz enk an Zesummenaarbecht mat de Musiker geschitt, an dee leider ze fréi verstuerwenen David Shallon war ëmmer derbäi. Et war esou zum Beispill seng Iddi, fir dee klengen Kammermusikssall mobil ze gestalten, fir dass, wann dee grouse Sall beluegt ass vun engem aneren Orchester, den Orchestre philharmonique dann awer och ka prouwen.

Ech wëll op dëser Plaz all deene merci soen, déi matgeholfen hu plangen, déi mer och moralesch de Réck gestäipt hunn, a virun allem deene ville Leit dobaussen, déi ëmmer nees sech gewënscht hunn, dass mer dee Concertssall géife realiséieren. Ech mengen, hei gëtt eng Infrastruktur geschafen, déi dobaussen e positiven Echo fënnt. Et ass bestëmmt och, fir eiser

Image de marque e positive Beitrag ze leeschten, ubruecht, esou e Sall ze hunn.

De Fonctionnement wäerte mer diskutéieren, wa mer de Projet de loi iwwert den Etablissement public diskutéieren. Ech ginn nach op e puer Froen zu der Implantatioun vum Projet an.

Mir hunn d'Place de l'Europe um Kierchbiërg virgesinn, an zwar net einfach esou. Déi Place de l'Europe ass jo an engem gréissere Plang deemools vum Robert Goebbels beim Riccardo Bofil an Optrag gi ginn, an d'Berechnung vun där Plaz huet erginn, datt alles dat, wat fir de Moment do virgesinn ass, wat Der och op der Maquette gesitt, e Ganzt ass.

Dat gött eng Plaz, déi en Häerz, e Kär huet, an do ass dësse Projet vum Portzamparc ganz bestëmmt e schéinen Objet, fir just an d'Häerz vun dëser Plaz eranzesetzen.

De Plang war am Zesummenhang mam Musée Grand-Duc Jean presentéiert ginn. Mir haten deemools eng Maquette vun där Plaz virgestallt kritt. Et ass sech och un d'Konditiounen vun der Stad Lëtzebuerg an un d'Oploe gehale ginn. D'Implantatioun op der Place de l'Europe war eng vun de Konditiounen vum Concours, soudatt d'Architekten direkt woussten, datt se och misste mat de Raimlechkeeten a mat deem, wat ronderëm ass, rechnen.

De Statsrot an hei d'Deputéiert hunn d'Fro vum Parking opgeworf. Et schéngt do, wéi wann eng Kontrovers aus enger Zuel erauskéim, déi am Rapport vum Här Bourg steet. Den Här Bourg huet a sengem Rapport geschriwwen, et wiere 750 Parkplaze reservéiert fir de Concertssall. Déi Kommunikatioun, déi de Bauteministère un de Statsrot ginn huet, seet, datt 1.330 Parkplazen uewen zu der Strooss gebaut ginn an nach eng Kéier 400 ënnen zum Musée Grand-Duc Jean. Et sinn also insgesamt 1.730 Parkplaze virgesinn. Déi Parkinge sinn alle béid ënnerierdesch verbonne mam Concertssall a gi gebaut vum Fong vum Kierchbiërg.

De Comité directeur vum Fong vum Kierchbiërg hofft, datt en elo nach kann d'Ausschreiwunge behandelen an den Optrag erausginn, well d'Ausschreiwunge si geschitt, soudatt, wa mer am Februar-Mäerz mam Chantier ukéimen, bei enger Bauzäit vun 22 Méint, d'Berechnung déi wär, datt mer am Laf vun 2002 mat den Terrassementsaarbechte fir de Concertssall kéinten ufänken.

Déi Strooss, déi do aménagéiert gött, gesäit och e Couloir fir den öffentlechen Transport vir, Tram oder Bus, wat och ëmmer datt et ass. Jiddefalls ass d'Planung esou, datt dat virgesinn ass. An, Här President, d'Ubannung un den öffentlechen Transport ass iwwregens och e wichtegt Marketinginstrument. Sou huet zum Beispill d'Philharmonie vu Köln an hirem Programmheft vun de Concerten d'Horairë vum öffentlechen Transport aus der Ëmgegend mat ofgedréckt,

an de Concertsbilljee ass zugläich och de Billjee fir den Zuch oder den Tram. Et kann een also béides gutt matenee vereinbaren.

Et ass dann natierlech och esou, datt nom Concert net schonn dee leschte Bus fort ass, well da musse jo och d'Horairen openeen ofgestëmmt ginn. Ech mengen, dat si wichteg Signaler un e Public, dee méi a méi och soll den öffentlechen Transport benotzen.

Ech wëll dann nach op zwee aner Punkten agoen. Dat eent ass dee vum Public en général. Bei enger Etüd, déi de Kulturministère maache gelooss huet iwwert de Public, hu 40,7 % vun de Männer a 36,3 % vun de Frae gesot, si wieren 1999 op d'mannst eemol an engem Concert gewiescht. Dat heescht an anere Wieder, datt mer awer nach eng grouss Kapassitéit do hunn, wa mer wëllen dohinner kommen, datt 100 % vun alle Männer a Fraen hei am Land an engem Joer op d'mannst eemol an engem Concert waren.

Mir gesinn also, datt e groussen Deel vun eiser Bevölkerung nach déi sougenannte Schwellenangsch huet a mer vläicht och de System mussen änneren. Dat ass fir de Moment jo heiansdo schwéier, well bal all d'Concerten Abonnementsconcerte sinn a keng Plazen am fräie Verkaf sinn. Et ass op jidde Fall eng vun de prioritären Aufgabe vum Kulturministère, fir eng Sensibiliséierung vun neiem Public ze maachen, och iwwert d'Grenzen eraus, a fir och de Verkaf vun de Billjeeën ze verbessern. Et läit op der Hand, datt déi besser Koordinatioun vun de Programmer néideg ass. Den Här Scheuer huet dorop higewisen.

Et ass selbstverständlech, datt mer do musse koordinéieren tëschent allen Infrastrukturen, déi mer hei hunn, och mat de Gemengen zesummen. De Ministère vun der Kultur huet am Regierungsprogramm den Optrag kritt, fir en nationale Service de la programmation ze schafen. Dat maache mer selbstverständlech an Zesummenaarbecht mat de Gemenge virun allem, awer och mat der Stad Lëtzebuerg.

Mat der Stad Lëtzebuerg si mer eis och eens ginn, datt de Stater Theater de Beräich Ballet an Oper ofdeckt, datt mer also de Bauprogramm vun der Concertshal net dofir ageriicht hunn. Dat beweist schonn de Wunsch an de Wëllen, fir eng Synergie op deene ville Gebidder nach ze complétéieren.

Zur Rockhal. Ech war drop gefaasst, datt dee Projet kéim, an ech muss och soen, datt ech net onaktiv war. Ech géif gärën do der Mme Mutsch...

(Interruptions)

...d'Gefill ginn, datt mer net virukommen, wann een e Procès d'intention mécht a mengt, dee Projet wier engem manner wäert. Ech hunn awer e Problem gehat, well déi Rockhal war jo kee Projet vum Baute-minister! Dat war e Projet vum Ministre de la Jeunesse.

(Interruptions)

Ech hunn - sou wéi dat am Bauteministère üblech ass - d'Commission d'analyse critique gebieden, deem dote Projet no ze goen. Ech hunn och vu verschiddene Kritiken, déi mer zougedroe gi waren, Analyse maache gelooss a Gespräicher mam Architekt gefouert. Ech muss Iech soen: D'Vermutung vun der Mme Mutsch, datt et mat der Mënz net géif duergoen, ass eng richtig. Ech soen haut net wéivill, well den Detail musse mer eis nach ausrechnen loossen.

Ech wäert op jidde Fall an nächster Zäit de Regierungsrat, deem ech schonn eng Kéier mat deem do Problem befaasst hat, mat den Detailfroe befaassen, an da kommen ech selbstverständlech, Här Krecké, bei Ärer Kommissioun an, Här Strotz, bei Ärer Kommissioun, an da froen ech d'Chamber, ob mer da sollen einfach en aktualiséierten Devis maachen oder en neie Projet de loi, well et schéngt mer an deene Gréissenuerdungen ze sinn.

Et ass also guer net esou, datt dee Projet do hannendra kéim. Et kann een och, wann Dir dat wëllt, dee Projet parallell bauen, mä ech kann Iech elo keng bindend Äntwert ginn, bis ech den Aval vun der Regierung hunn a mer wëssen, ob mer nach nei musse légiférieren, fir déi doten Hal och an eng Fassong ze kréien an all déi baulech Problemer, déi nach opstinn an net ofgedeckt sinn, an de Grëff ze kréien.

Mir brauchen eng Hal, a mir brauchen esou en Équipement, an et ass och richtig, datt deem Équipement an de Süde kënnt. Et ass jo awer kloer, datt och déi dote Musik net nëmmen am Süden hir Plaz huet, mä och op anere Plazen am Land, an ech mengen, och do ass d'Synergie gefrot, an och d'Kooperation.

Ech géif dann dem Här Scheuer Recht ginn, wann e seet - mat den Infrastrukturen ass et kloer -, datt fir d'Programmation genuch Geld muss do sinn. Do muss ech elo, Här President, eppes gestoen: Ech hunn eppes gemaach, wat ech net hätt solle maachen, an zwar hunn ech d'Debatten iwwert de Centre sportif nogelies, souwuel déi iwwert de Bauprojet wéi déi iwwert den Etablissement public.

Ech muss Iech soen: Do komme mer d'Tréinen, wann ech hei vu verschiddene Bänken ze héiere kréien, wat dat alles dann zevill kascht a wéi do mat den Devie jongléiert gëtt! A wann ech da liesen, wéi dee Projet glat duerchgaangen ass, wéi keng kritesch Bemierkung do war, och net zu den Devien...

(Interruption)

Ausser vun der Mme Brasseur, déi deemools an der Opposition war, mä pour le reste ass do absolut keng Beanstandung gewiescht. Den Etablissement public vun der Sportshal ass dotéiert ginn...

(Interruption)

... mat enger...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mme Minister, dat do ass net ganz richtig, wann Der erlaabt.

Also, dee Projet do war jo ee Moment fäerdeg, an dunn ass en op Äis geluegt gi während bal annerhalwem Joer - ech kann Iech dat soen - a ganz kontrovers diskutéiert ginn, an en ass dono erëm komm, eréischt annerhaleft Joer dono.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech schwätze vun deem Projet, deem 1996 hei an Ärer Chamber diskutéiert ginn ass.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Maja! Mä dat ass op därselwechter Plaz, wou en initialement prévu war, nämlech viru 1994. E war virdu scho virgesinn. En ass kontrovers diskutéiert a wéi laang opgehale ginn. Dat beweist, dass en net duerchgaangen ass comme une lettre à la poste, mä dass e ganz kontrovers diskutéiert ginn ass. Ech behaapten, dass en ongeféier grad sou kontrovers diskutéiert ginn ass wéi déi Hal, fir déi ech och gäre wëll sinn.

(Interruptions)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Da kann ech Iech awer elo kréie mam Etablissement public, dee jo vu jidderengem matgestëmmt ginn ass an eng 226 Milliounen virgesäit fir de Fonctionnement.

Wann ech elo kucken, datt mer fir den Etablissement public vum Concertsall 364 Milliounen virgesinn, datt mer do mat Recettë vun 142 Milliounen rechnen, dann ass dee Projet an därselwechter Gréissenuerdung.

Ech sinn dofir natierlech relativ emfindlech, well et schéngt mer dach - an do musse mer als Politiker alleguer ganz dacks riicht stoen -, wéi wa bei der Kultur de Moosstaf ëmmer vill méi streng ugewannt géif ginn. Loosse mer eis dach näischt virmaachen! E Fussballmatch ënner Flutlicht, wat géif deem alles u Fonctionnementskäschten hierginn! Dat wëllt ech net kritisieren. Mir wëllen dat eent, an ech wëll och dat anert!

Une voix.- Voilà!

Une autre voix.- Très bien!

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- An och vill Leit heibanne wëllen och dat anert! Dofir brauche mer déi Investitiounen. Déi si justifiéiert, a mir musse just elo kucken, datt et - wéi den Här Fayot als éischten Diskussionsriedner gesot huet - eng national Investitioun bleift, datt se um Niveau vun auslännesche Stied ass.

Eist ganz Bestriewen ass et, fir den Niveau vun eiser Kulturaarbecht an eis Offer mat auslänneschen Offere kënnen ze vergläichen. An do hale mer Stand! Do hu mer eng Qualitéit erreecht, déi sech weise léisst, an do hu mer an deene leschte Jore ganz vill un eis geschafft. A ganz besonnesch d'Acteuren op der Plaz, all déi, déi all Dag an deem Betrib do tätég sinn,

wëssen, wat se mussen hierginn, datt se och hiert Besch hierginn. Et ass an deem Sënn iwwerflësseg, fir ëmmer nees mussen ze justifizéieren, firwat datt dann och d'Kultur därff eppes kaschten.

Ech versichen dann elo, nach op déi eng oder aner Fro ze äntweren, Här President. Et ass haaptsächlech d'Fro vum Timing op der Place de l'Europe gestallt ginn. Ech mengen, déi hunn ech beäntwert, Här Fayot. Do rechne mer, datt mer 2002 ukommen. De Bau gëtt och ausgeschriwwen par Corps de métiers! A mir wäerten eis ganz genee un d'Dispositione vum Soumissiounsgesetz halen.

Et ass dann d'Fro vum öffentlechen Transport gestallt ginn. Mir wënschen eis och, datt dee fir dee Moment zur Verfügung steet. Mir hunn, wat d'Käschten ugeet, déi mer fir d'Etüde bis elo bezuelt hunn, ganz genee 12 Milliounen Honorairë bezuelt fir Avant-projets sommaires, a mir hu fir 50 Milliounen Frais de concours gehat. Domat hunn ech dann och déi Fro vum Här Greisen beäntwert.

Da gëtt natierlech d'Fro gestallt: Kann een de Baupräis halen? Dir Dammen an Dir Hären, an alleguer, déi Der Buergermeeschteren a Buergermeeschtesche sidd: Dir wësst, datt een esou e Versprieche net ka ginn. Ech ka soen, datt ech den Architekt ënner Drock gesat hunn, fir mam Präis erof ze goen. Dofir si mer op 3,1 Milliarden. Et war vill méi héich. Dat ass geschitt, andeems datt un de Volumë reduzéiert ginn ass, awer net un den Inhalter vum Projet. Ech hunn him och d'Fro gestallt: Kënnt Dir dee Präis halen? Ofgesinn natierlech vun den Hausses légales, do si mer eis jo eens. Den Architekt huet mer d'Assurance ginn, hie kéint dee Präis halen.

Ech muss awer soen: Dat ass eng Berechnung, en Devis, dee gemaach ass op Grond vu Pläng, wat Avant-projets sommaires sinn, wat also keng Detailpläng sinn. Dat si jo ëmmer déi Iwwerraschungen, déi mer kréien. An ech si bereet, hei der Chamber Schrëtt fir Schrëtt ze berichten, wéi dann d'Ausschreiwungen ausginn, fir datt Der emol selwer kënnt Iech e Bild maachen, wéi dat am Devis an herno, no der Soumissioun, ausgesäit.

Et soll esou sinn, datt d'Statsgelder spuersam agesat ginn, an et soll och net esou sinn, datt ee mengt, wann 3 Milliarden an der Luucht stinn, da wieren déi dû vu vireran, well wann et méi bëlleg gëtt, desto besser.

Et ass natierlech och iwwert déi Dezentraliséierung e Wuert ze verléieren. Den Här Scheuer huet dat ganz richtig gemaach. Mir hunn all d'Infrastrukturen, déi zur Zäit amgaange sinn, op engem Tableau mat hirem Timing. Ech kann awer net déi Visioun vun der Mme Mutsch do deelen, well hir Approche, datt do de Süde schlecht ewech kéim, ass keng richtig Approche. Dat ass emotional.

Ech mengen, mir hunn eis jo am Schluechthaus ganz gutt zesumme fonnt. Ech géif just hoffen, datt ech och do kéint mam Budget esou séier virugoen, wéi d'Gemeng dat mécht, well dat wär och vläicht e Kritär, fir herno bei de Fonctionnementskäschte mat ze hëllefen, fir datt all Kéier de Stat dat drop leet, wat dann och d'Gemeng drop leet. Da wäere mir zwar bei der Stad Lëtzebuerg e bësse schlecht drun.

Mir hunn an deem Beräich do nach vill mateneen ze besprieche, well déi Infrastrukturkäschten hu jo net ëmmer deen néidege Budget fir d'Produktiounskäschten. Beim Concertssall hu mir dat gemaach. Do stinn elo Grëssenuerdnungen am Raum. Do ass selbstverständlech emol éischters de Coût, dee berechent ginn ass fir d'Personal.

Den Här Fayot hat gefrot, wéivill Leit dat wäeren. Op der Säit 4 vum Exposé des motifs ass dat ganz genee opgezielt. Et si 25 Persounen full-time. Et ass also d'Schafung vu 25 neien Aarbechtsplazen. Donieft sinn et 20 half-time- oder part-time-Aarbechtsplaze fir déi Leit, déi bei Manifestatiounen mussen an der Garderobe oder op anere Plaze sinn. Dat ass also d'Grëssenuerdnung, wat déi permanent Gestioung ugeet.

Dobäi kommen dann nach aner Käschten. Zum Beispill as e Concert mat 3,6 Milliounen berechent. Do weess een dann natierlech, wann een en Orchester huet, deen net esou deier gëtt, datt een da méi eng bëlleg Produktioun huet. Dann huet ee Käschten agespuert. Dat ass op alle Fall eng Berechnung, déi esou gemaach ass, datt si misst no bei der Wourécht sinn; esou no wéi méiglech bei der Wourécht, well do muss ee jo virsiichteg sinn.

Ech denken, datt mir domat un d'Enn kéinte kommen, Här President. Ech hu meng Zäit warscheinlech scho laang iwwerschratt.

Ech hunn eng Motioun, déi ech leider net kann unhuelen, an zwar déi vun der Rockhal. Ech kommen awer gär an d'Kommissioun, nodeems ech bei der Regierung war, fir iwwert de leschte Stand vun der Rockhal ze berichten.

Ech kann och déi Motioun 2 net unhuelen. Dat ass déi Motioun, déi den Här Scheuer abruecht huet, well et jo eigentlech eng Motioun un de Finanzminister ass. A gleeft mir et, Här Scheuer: Ech hu mech elo schonn agesat an och scho virgewart, datt mir elo scho wëssen, datt deen Iechternacher Centre culturel méi deier gëtt. An et ass och richtig, datt mir eis sollen e Schlëssel ginn. Dat mécht fir jiddereen d'Saach méi einfach. Ech bieden dofir ëm Verständnis, datt ech elo do net kann esou aus dem Stegreif Jo soen, ouni mat deem, deen den Daum op de Suen huet, geschwat ze hunn.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mme Minister, ech wollt just soen, datt mir hei an der Chamber de 16.

Dezember d'lescht Joer - dat heescht, et ass e Joer hier - eng Motioun ugeholl hunn, wou jiddereen domat d'accord war.

Déi huet folgende Wuertlaut, zumindest wat den „invite le Gouvernement“ ubelaangt: „à veiller à ce que la volonté des membres de la Chambre, exprimée lors du vote du projet de loi relatif à la salle de concert pour jeunes, soit respectée et que celle-ci soit réalisée conformément aux dispositions de la loi du 2 juin 1999 et ceci dans les meilleurs délais, de préférence avant la fin de l'année.“

Dat ass eng Opfuerderung, déi un d'Regierung gaangen ass. Elo sot Dir eis, datt Dir Problemer hutt, well Dir mengt, datt Dir de Cadre budgétaire sprengt, dee vun der Chamber gesat ginn ass.

Kënne mir dann déi Motioun, déi mir elo just déposiert hunn, net esou ëmänneren - well Dir hutt jo Äert Bekenntnis dozou gemaach, wann ech dat richteg verstane hunn -, datt ee seet: „à veiller à ce que la mise à disposition du public d'une salle de concert pour jeunes sur le site Esch/Belval soit traitée par la Gouvernement d'une façon prioritaire“? Ech ginn dovun aus, datt do kee Problem ass. An dann zweetens: „à saisir le cas échéant la Chambre d'un nouveau projet de loi dans les plus brefs délais, s'il y a lieu d'adapter l'enveloppe budgétaire initialement prévue“?

Wäert Dir d'accord, dat esou unzehuelen? Well dat ass am Esprit vun deem, wat mir d'lescht Joer am Dezember ugeholl haten. Déi eng ass d'lescht Joer adoptéiert ginn, an déi hei seet, datt et „de façon prioritaire“ ass „et s'il y a lieu de légiférer“, datt een dat dann „dans les plus brefs délais“ mécht.

(Interruptions)

Une voix.- Wann déi eng ugeholl ginn ass, dann hu mir jo eng!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Den Délai vun engem Joer ass eriwier! Wann dann en neie Moment do ass, vun deem mir Akt huele vun der Mme Minister, dann, mengen ech, wär et richteg, wa mir géifen déi zwee Elementer drabrénge. Bei deem zweeten Elementer hutt Dir selwer gesot, datt Dir wëllt virun d'Chamber kommen. Mir froe just „dans les plus brefs délais“. Deen anere Punkt ass just, fir där Saach eng gewëss Prioritéit ze ginn. Dir wësst, datt mir dat do gestëmmt hunn, datt mir gär hätten, datt et realiséiert gëtt; c'est tout!

Domat misst Dir d'accord sinn, well et ass an deem Esprit, wat d'Chamber gefuerdert huet, wou Dir d'lescht Joer am Dezember domat d'accord waart.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech hu kee Problem domat, Här Krecké, wa mir eis eens sinn, fir der Regierung déi do Fro fir d'éischt ze stellen an dann ze kucken, wéi d'Configuratioun duerno ausgesäit.

Mir hunn en eestëmmeg gestëmmt Projet. Ech weess vu bauleche Problemer, déi dra sinn. Do solle mir eis awer elo net duerch eng Motioun blockéiere loosse, wann de Projet eventuell net esou kéint realiséiert ginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dofir, Mme Minister, maachen ech déi Ouverture, fir ze soen, datt le cas échéant eng aner Enveloppe budgétaire misst iwwer en neie Projet gemaach ginn.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech sinn ewell virsichteg mat de Wieder aus Motiounen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech och! Här President, den Här Weiler hätt gär, wann Der erlaabt, wann ech dat nach Kéier géif virlesen. De Considérant bleift, well ech hunn net héieren, datt do e Problem ass. Den Invite hätt dann zwee Dispositifs: „à veiller à ce que la mise à disposition du public d'une salle de concert pour jeunes sur le site Esch/Belval soit traitée par la Gouvernement d'une façon prioritaire“. Dat dierft jo kee Problem sinn.

Deen zweeten Dispositif ass folgenden: „à saisir le cas échéant la Chambre d'un nouveau projet de loi dans les plus brefs délais, s'il y a lieu d'adapter l'enveloppe budgétaire initialement prévue“. Dat ass genau dat, wat d'Mme Minister gesot huet, wa gegebenefalls de Cadre budgétaire géif gesprengt ginn.

M. Lucien Weiler (CSV).- Et kann een dat jo net iwwert de Wee vum Budget maachen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Neen, mir bleiwen do konsequent. Dofir probéiere mir dat iwwert de Wee vun der Motioun.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat ass d'Fro vun de Causes externes a vun de Causes internes.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat hei ass eng Cause externe. Dofir hätte mir gär, datt dat an deem Moment iwwer e Gesetz geet.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wann et an de Limiten ass, déi mir arréiert hunn.

Une voix.- Ech hätt léiwer, mir géifen dat an d'Kommissioun verweisen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Oh, wat huet dat an der Kommissioun ze dinn?

(Interruptions et hilarité)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Also, ech wär frou, wann Dir Iech géift eens ginn. Ech stinn der Chamber zur Verfügung, well ech wëll dee Projet do esou séier wéi méiglech virundreiwen. Mä wann de CNA elo virun déposiert gëtt, dann dierft Dir mir net virwerfen, ech hätt d'Prioritéit net respektéiert, well dee waart och scho laang.

Da wäre mir um Enn vun dësen Debatten ukomm, Här President. Ech wär frou, wann dësse Projet géif eng Unanimitéit fannen. Ech soen der Chamber merci, well vläicht ass d'Chamber sech net ëmmer bewosst, wéi se awer dobaussen an der Welt vun der Konscht a besonnesch an där vun der Musik als Institutioun respektéiert ass, wéi et och virun allem de Leit gutt deet, wa si d'Presenz an den Intressen vun den Deputéierte mierken. Et gëtt an der Musik vill Engagement gewisen a vill geschafft. Dës Sall wäert fir d'Acteuren alleguer, egal op wat fir enge Pläng, e groussen Encouragement sinn, an dofir soen ech all deene merci, déi dofir stëmmen.

M. le Président.- Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Jo, ech wollt och eppes zu der Motioun 2 soen, déi d'Mme Minister ofgelehnt huet. An zwar stellen ech fest, datt d'Mme Minister en hellege Respekt virum Finanzminister huet. Ech respektéieren a verstinn dat och, datt een hei keen Engagement kann agoen, wat nach muss mam Finanzminister beschwat ginn.

Ech wollt Iech proposéieren, fir zwee Tirete vum Dispositif ewech ze loossen. Déi zwee Tirete bezéie sech just op d'Finanzen. An zwar ass dat deen éischten: „à revoir la participation de l'Etat aux frais de construction des différents centres au vu du coût réel des réalisations“. Dee kann een ewech loossen. An dann och deen drëtt: „à participer selon la même clé aux frais de gestion desdits centres“.

Da géifen nach zwee Tirete bleiwen, déi direkt an de Beräich vun der Mme Minister vun der Kultur ginn. Deen zweeten: „à déterminer dans ces projets les investissements à caractère national“ - „régional“ existéiert schon -, an dann dee véierten, wou si jo hiren Accord ginn huet: „à instaurer un système de coordination entre les instituts et centres culturels à vocation nationale et régionale afin d'arriver à une complémentarité dans l'offre culturelle“.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Do sinn ech domat d'accord.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen dann elo zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4685 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwer de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet ass ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen a 5 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert (par M. Nicolas Strotz), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. John Schummer), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweeten Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mir elo zu deenen zwou Motiounen.

Motions

Wann ech dat richteg verstanen hunn, dann ass do e Konsens fonnt ginn. Mir kommen dann zu der Motioun 1 vun der Mme Mutsch.

Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wann den Här Krecké géif bei der Motioun 1 beim zweeten Tret bei der Iddi, fir en neie Projet de loi ze déposieren, aschreiwen, datt mir do ënnert de Konditiounen sinn, wéi mir se an der Commission du contrôle de l'exécution budgétaire arrêteiert hunn. . .

Une voix.- Ech wéisst gär, ob den Här Krecké domat d'accord ass.

M. Lucien Weiler (CSV).- Deen zweeten Tret hätt da folgende Wuertlaut: „à saisir le cas échéant la

Chambre d'un nouveau projet de loi dans les plus brefs délais, s'il y a lieu d'adapter l'enveloppe budgétaire initialement prévue selon les règles à adopter suite aux décisions de la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire“.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëll soen, datt mir domat op kee Fall kënnen d'accord sinn. Mir haten an der Kommissioun eng aner Meenung, an ech wëll Iech soen, Här Weiler, datt dat nach en Nospill huet.

Ech sinn net der Meenung, datt eng Kommissioun d'Recht huet, fir dat do festzehalen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Da wénnt Iech un den Här Krecké.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Den Här Krecké wëll jo net déi Prozedur uwenden, déi Dir hei wëllt uwenden. Den Här Krecké wëll eng ganz aner.

Mir mussen souwisou nach eng Kéier an dësem Parlament am Plenum iwwert dat diskutéieren, wat Dir d'lescht Kéier an der Kommissioun festgehalen hutt. D'Kommissioun ka keng esou eng Prozedur festhalen, an dat wäerte mir d'nächst Woch nach am Kader vum Budget hei diskutéieren.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, et ass esou, datt mir eng Diskussioun an där Kommissioun haten, mä eng Kommissioun ka keng Décisioun huelen, fir e Gesetz ausser Kraaft ze setzen. Här Weiler, dat, wat Dir gär hätt - do si mir eis eens -, mussen mir dann an d'Comptabilitéitsgesetz aschreiwen.

Folgendes ass do vun de Majoritéitsparteien ugefrot ginn: Wann e Projet ëmgeännert gëtt pour des causes externes, wann et ënner 20 % an ënner 300 Milliounen ass, da geet et iwwert de Budget, a wann et driwwer geet, da gëtt et e Projet de loi. Ech sinn elo dovun ausgaangen, datt et driwwer geet, dofir hunn ech dra geschriwwen, datt da misst légiféiert ginn.

Dat widdersteet absolut net Ärer Theorie, mä ech mengen, et ass net d'Kommissioun eleng, déi dat decidéiert, an ech mengen, mir müssen do eng Kéier e Vote an der Chamber huelen. Dat ass kee Problem.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Bei där Motioun huet deen een eppes gesot, an deen aneren huet eppes gesot. Mir wëssen net méi, wou mir dru sinn.

M. le Président.- Jo, elo ass alles d'ënnescht an d'iewescht.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hätt gär en Text, wa mir hei iwwer eppes ofstëmmen. Mir hunn hei Motiounen, déi esou net ugehall kënnen ginn.

Entweder kréie mir en neien Text oder mir mussen se oflehnen.

(Interruptions)

Leet eis se vir, datt mir wëssen, iwwer wat mir ofstëmmen.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Et ass folgendermoossen: „...s'il y a lieu d'adapter l'enveloppe budgétaire initialement prévue selon les règles à adopter suite aux décisions de la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire.“

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés

- *rappelant qu'en date du 6 mai 1999 la Chambre des Députés s'est exprimée dans un vote unanime en faveur du projet de loi 4545 relatif à l'aménagement d'une salle de concert pour jeunes sur la friche industrielle de Belval-Ouest à Esch-sur-Alzette,*

- *insistant sur une politique de régionalisation et de décentralisation en matière d'infrastructures culturelles,*

- *considérant que la loi du 2 juin 1999 relative à ladite salle de concert n'a pas été exécutée jusqu'ici,*

- *constatant que le Gouvernement semble avoir modifié ses vues sur la conception de ladite salle de concert,*

- *persuadée de la nécessité de mettre à la disposition des amateurs de la musique populaire les lieux adéquats pour l'organisation de concerts de grande envergure,*

- *considérant que la salle de concert du Kirchberg poursuit un but complètement différent et ne se prêtera guère à l'organisation de concerts de musique populaire du type « Rock »,*

invite le Gouvernement

- *à saisir, le cas échéant, la Chambre des Députés d'un nouveau projet de loi dans les plus brefs délais, s'il y a lieu d'adapter l'enveloppe budgétaire initialement prévue selon les règles à adopter conformément aux discussions menées au sein de la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire,*

- *à veiller à ce que la mise à disposition du public d'une salle de concert pour jeunes sur le site d'Esch/Belval soit traitée par le gouvernement de façon prioritaire.*

(s.) Lydia Mutsch, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Robert Garcia, Lucien Lux.

M. le Président.- Mir stëmmen elo iwwert déi Motioun of.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Wien ass dogéint?

Ech stelle fest, datt déi Motioun mehrheetlech ugeholl ginn ass.

Da komme mir elo zu der Motioun 2. D'Mme Minister huet dozou Stellung geholl, a wann ech dat gutt verstanen hunn, ass do e Konsens fonnt ginn.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dann haalt dach emol op! D'Diskussioun ass ofgeschloss, a se fänkt ëmmer erëm un!

(Hilarité)

Motion 2 modifiée*La Chambre des Députés*

- *considérant que le Gouvernement encourage depuis un certain nombre d'années par le biais d'un subventionnement substantiel la construction de centres culturels régionaux,*

- *notant qu'entre-temps plusieurs centres culturels régionaux ont ouvert leurs portes respectivement sont en voie de construction ou de planification,*

- *insistant sur le fait qu'il ne suffit pas de construire ces infrastructures, mais qu'il importe de les valoriser par une animation de qualité,*

- *considérant que les coûts de construction et de gérance ont été soumis à d'importantes hausses au cours des dernières années,*

- *notant que le Gouvernement est disposé à investir des sommes considérables dans la gestion et le fonctionnement de nouvelles infrastructures culturelles nationales,*

- *insistant sur la nécessité d'une décentralisation et régionalisation dans le domaine culturel et partant d'un encouragement de ces activités par l'Etat,*

invite le Gouvernement

- *à déterminer dans ces projets les investissements à caractère national,*

- *à instaurer un système de coordination entre les instituts et centres culturels à vocation nationale et régionale afin d'arriver à une complémentarité dans l'offre culturelle.*

(s.) Jos Scheuer, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch.

Mir stëmmen dann elo iwwert d'Motioun 2 of.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Wien ass dogéint?

Ech stelle fest, datt déi Motioun mehrheetlech ofgelehnt ginn ass.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Dat do ass awer e staarkt Stéck!

M. le Président.- Jo, mä et ass awer esou.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Déi Motioun ass vun der Mme Minister acceptéiert ginn!

M. le Président.- Jo, ech sinn d'accord mat Iech.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Dat do ass et awer nach net ginn!

M. le Président.- Jo, dat ass, well hei dauernd Gespréicher gefouert ginn. Da weess kee méi, wou en drun ass.

Mir sinn um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm. Déi nächst Sitzung ass d'nächst d'Woch en Dëschdeg um dräi Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.15 heures)